

Lëtzebuerg, den 2 Dezember 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministeschesch weiderzeleeden:

*„No den historeschen archeologeschen Entdeckungen déi zu Iechternach bei der fréierer „Petite Marquise“ gemaach goufen, huet d'Madamm Kulturministeschesch an engem Bréif vum 30. Abrëll 2021 proposéiert dëse Site als Monument national ze klasséieren.*

*Souwuel am Iechternacher Gemengerot vum 8. November 2021, wéi an engem Presseartikel vum 22. November 2021, hunn de Buergermeeschter an éischte Schäfte vun der Stad Iechternach sech doriwwer geiergert, dass di archeologesche Aarbechten um Site ëmmer nach net ofgeschloss sinn an dass d'Stad Iechternach vum Kulturministère géing higehele ginn. Et léichen dem Schäfferot och nach keng Rapporten vun den Archeologen an Experte vir. Déi verluere Méint géifen d'Stad Iechternach a senger Entwécklung bremsen an hätte fir d'Gemeng och en immens héije Käschtepunkt.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministeschesch folgend Froen stellen:*

- 1. Wéi wäit ass d'Prozedur vum Klassement vum Site vun der fréierer „Petite Marquise“ fortgeschratt? Sinn entretemps d'Avis'en vun der Commission des Sites et Monuments (COSIMO) an der Stad Iechternach erakomm? Wat sinn déi nächst Schratt an dëser Prozedur? Wéini ass mat enger definitiver Decisioun a punkto Klassement ze rechnen?*
- 2. Kann d'Madamm Ministeschesch confirméieren, dass d'Aarbechte vun den Archeologen déi um Site schaffen nach net ofgeschloss sinn? Falls jo, wat ass de Grond dofir? Wéi laang wäerten di archeologesche Aarbechten nach daueren?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

3. *Kann, esou laang wéi keng Decisioun a punkto Klassement vum Site virleit an di archeologesch Aarbechten nach lafen, keng Initiativ vun der Stad Iechternach geholl gi fir en zukünftege Projet auszeschaffen? Ass de Kulturministère respektiv d'COSIMO an d'Kontakter vun der Stad Iechternach mat engem éisträichesche Planungsbüro agebonne ginn?*
4. *Ass et richtig, dass den Iechternacher Schäfferot bis ewell keng Rapporte vun den Archeologen an Experte kritt huet? Falls jo, wat sinn d'Grënn dofir?*
5. *Weess d'Madamm Kulturministesch souwuel vun den héijen Zommen déi d'Stad Iechternach all Mount muss opréngen soulaang wéi keng Appartement'en op dësem Site fäerdeggestallt sinn, wéi vun den Entschiedegungen déi un eenzel Firme muss bezuelt ginn, well den initiale Projet net ka realiséiert ginn? Kann de Kulturministère d'Stad Iechternach op dëse Punkten ënnerstëtzen?*
6. *Ass d'Madamm Kulturministesch gewëllt, fir der Stad Iechternach bei der Entwécklung an der Realisatioun vun engem neie Projet „Petite Marquise“ ze hëllefen? Wa jo, mat wéi engen Hëllef, administrativer a finanzieller Natur, kann de Kulturministère der Stad Iechternach, souwuel während der Klassementsprozedur wéi och duerno, ënner d'Äerm gräifen?“*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN  
Deputéiert